GEMENG HABSCHT

# Konschtconcours fir d'Kanner aus der Gemeng Habscht

De grousse Kanner-Konschtconcours ass fir all d'Kanner am Gronschoulalter, déi an der Gemeng Habscht wunnen oder an der Gemeng Habscht an d'Schoul ginn!

De Motto vun dësem Concours ass:

## " Wourop ech mech am meeschte freeën no der Zäit vum Coronavirus "

Der Fantasie an der Kreativitéit vun de Kanner si keng Grenze gesat. D'Reegele vum Concours si ganz einfach:

> Gemoolt oder gepecht gi kann op all méiglecht a mat allméiglechem Material a Format an och d'Wiel vun de Faarwen ass egal.
>
> Hannen op d'Récksäit vum Bild/vun der Collage oder der Skulptur soll stoe kommen:
>
> - Numm a Virnumm vum Kand
> - Klass, Numm vum Enseignant a vun der Schoul, wann d'Kand an der Gemeng Habscht scolariséiert ass

D'Kanner kënnen hiert Wierk bei hirem Enseignant oder op der Gemeng ofginn, an dëst wann d'Schoul erëm ugeet. Eng Jury wäert déi schéinste Kreatiounen auswielen an d'Gewënner ermëttelen.

Fir d'Kanner déi matmaachen ass e Cadeau virgesinn!

Sämtlech Konschtwierker sollen dann och an enger grousser Ausstellung an engem Gemengesall dem Grand public gewise ginn.

Mir freeën ons elo schonn op vill flott Kreatiounen!

ADMINISTRATION COMMUNALE DE HABSCHT
Place Denn | L-8465 Eischen Tél. : 39 01 33 - 1 | Fax : 39 01 33 - 229 | www.habscht.lu



GEMENG
HABSCHT

# Concours d'art pour les enfants de la Commune de Habscht

Tous les enfants (âgés de 3 à 12 ans) habitant la Commune de Habscht ou scolarisés dans la Commune de Habscht sont invités à participer au concours d'art organisé par les enseignants et l'administration communale, avec comme sujet :

## " Ce dont je me réjouis le plus après le corona-virus "

Il n'y a pas de limites à la fantaisie et créativité des enfants. Les règles sont très simples:

On peut dessiner ou coller sur tout et avec tout matériel et le choix des couleurs est libre.

Au revers du dessin/du collage ou de la sculpture doivent se trouver :

- nom et prénom de l'enfant
- classe, nom de l'enseignant et de l'école pour les enfants scolarisés dans la Commune de Habscht

Les enfants peuvent remettre leur œuvre à l'enseignant ou au guichet communal dès que l'école recommence. Un jury choisira les plus belles créations et déterminera ainsi les gagnants.

Chaque enfant qui participe recevra un cadeau.

Toutes les œuvres feront objet d'une exposition pour le grand public dans une salle communale.

Nous nous réjouissons dès à présent de voir vos créations !

ADMINISTRATION COMMUNALE DE HABSCHT

Place Denn | L-8465 Eischen Tél. : 39 01 33 - 1 | Fax : 39 01 33 - 229 | www.habscht.lu